Wann ech dat richteg verstanen hunn, kënne mer, éischtens, domadder d'accord sinn, fir déi Motiounen an d'Kommissioun ze verweisen an, zweetens, fir den Text och mat ëmzeänneren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Mir géifen dann awer elo iwwert de Projet ofstëmmen an dann herno op d'Motiounen zréckkommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6711 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass amgaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

Mir hu 60 Deputéiert, déi sech direkt oder indirekt um Vote bedeelegt hunn: 60-mol Jo. Domadder ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Cécile Hemmen), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech ginn dovun aus, dass Der dermat d'accord sidd, fir d'Dispens ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motions 1 et 2

Zu de Motiounen 1 an 2 läit eng konkret Propositioun vir, déi och vun den Auteuren akzeptéiert ginn ass. Iwwert déi bräichte mer also net ofzestëmmen a géife se an d'Kommissioun verweisen.

Motion 3

Zu der drëtter Motioun huet d'Regierung Stellung geholl. Weider Stellungnahmen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur la motion 3

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

26-mol Jo, 32-mol Neen an 2 Enthalungen. Domat wär d'Motioun verworf.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Proposition de loi 6665 iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert den Tram. Déi Diskussioun leeft nom Basismodell. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

10. 6665 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur la participation du budget de l'État dans le financement d'une ligne de tramway à Luxembourg

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dëser Proposition de loi 6665 vum Deputéierte Roy Reding geet et ëm d'Organisatioun vun engem nationale Referendum iwwert d'Bedeelegung vum Stat am Finanzement vun enger Tramslinn zu Lëtzebuerg.

Dëse Gesetzesvirschlag ass den 12. Mäerz 2014 abruecht ginn. An d'Gesetz, op dat sech den Text bezitt, ass de 4. Juni 2014, also knapp zéng Woche méi spéit, hei an der Chamber mat grousser Majoritéit ugeholl ginn. De Finanzéierungsprojet fir déi Tramslinn do hat de Jo vu 56 Deputéierten hannert sech; Neen: dräi Deputéierter, bei enger Enthalung.

Dee Gesetzesprojet, deen also mat grousser Majoritéit am Juni 2014 gestëmmt ginn ass, betrëfft de Finanzement vun enger Tramslinn vun der Stater Gare op d'Luxexpo um Kierchbierg. Den Auteur vun der Proposition de loi, dat gesäit een an dem Exposé des motifs, wëllt, dass e Referendum zu där doter Fro organiséiert gëtt, ënner anerem och, well e skeptesch géintiwwer der Iddi vun deem doten Tram steet.

D'Stellungnahm vun der Regierung ass gläich nom Dépôt komm, schonn de 4. Juni 2014. A si huet dobäi op de Regierungsprogramm vun dëser Koalitioun 2013 verwisen, wéi och op den État de la nation, wou all Kéiers deen Tramsprojet als politesch Prioritéit ugewise ginn ass. An doropshin erkennt d'Regierung och net d'Opportunitéit un, fir opgrond vun där klorer politescher Situatioun, de klore politeschen Aussoen, déi och am Virfeld vun der Debatt ronderëm deen Tramsprojet gefouert gi sinn, d'Wieler per Referendum ze konsultéieren.

De Statsrot huet säin Avis de 15. Mäerz dëst Joer ginn, 2015, dat heescht néng Méint nom Vote vun deem Tramsgesetz. Et muss een also haut feststellen, dass schonn zum Moment vum Avis vum Statsrot dat Gesetz a Kraaft war an och schonn deelweis an der Exekutioun war.

Traditiounsgeméiss geet de Statsrot bei esou Propositions de loi, och wann et sech ëm de Referendum handelt, net op d'politesch Opportunitéit vun esou enger Initiativ an. Hie verweist allerdéngs a senger Stellungnahm op den Ausnahmecharakter vun enger direkter Wielerbefroung an enger parlamentarescher Demokratie, wéi mer se zu Lëtzebuerg hunn a wéi se och an eiser Verfassung am Artikel 51 (1) verankert ass. Der Meenung vum Statsrot no muss also u sech d'Décisioun vun der Chamber zu engem Projet d'Regel bleiwen, an e Referendum kann nëmmen eng Exceptioun sinn.

Doriwwer eraus kritiséiert de Statsrot a sengem Avis zu där Proposition de loi vum Här Reding den zweedeitege Charakter vun där formuléierter Fro: Geet et hei ëm de Prinzip vum Tram, geet et ëm eng spezifesch Linn, déi viséiert ass mat der Proposition de loi, oder ass et den ëffentleche Finanzement vun deem Tram, deen hei haaptsächlech soll Géigestand vum Referendum sinn?

E seet also, dass d'Fro misst deemno ëmformuléiert ginn, wann d'Chamber der Meenung wär, dass et opportun wär, fir op de Wee vun engem Referendum iwwert den Tram ze goen. An e weist och drop hin, dass et net duergeet, fir einfach en Délai dranzesetzen, wéini dass soll e Referendum stattfannen, mä dass ee muss e prezisen Datum vum Referendum virgesinn, wéi dat och an der Praxis an der Vergaangenheet de Fall war, wa mer op deen dote Wee hei zu Lëtzebuerg gaange sinn.

D'Kommissioun, et ass d'Kommissioun vun den Institutiounen an der Verfassungsreform, huet den 18. Mäerz iwwert de Fong vun där Proposition de loi diskutéiert. Si huet mech als Rapporteur bestëmmt. A mäi Rapport gouf den 1. Juli an der zoustänneger Kommissioun ugeholl, an zwar eestëmmeg. D'Kommissioun huet sech net mat dem prezise Wuertlaut vun der Proposition de loi beschäftegt, wat d'Formulatioun vun der eigentlecher Referendumsfro ugeet, well se sech prinzipiell géint esou en nationale Referendum zu deem dote Sujet ausgeschwat huet, soudass et also net néideg ass, fir am Detail d'Formulatioun ënnert d'Lupp ze huelen.

Firwat huet se dat gemaach? Ma et muss een zréckgoen, mengen ech, op eng Diskussioun, déi elo praktesch zënter Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg leeft. Well zënter 1992 gëtt hei zu Lëtzebuerg iwwer en neit Transportmëttel, en Tram, debattéiert an och gestridden. A successive Regierungen, iwwer successiv Debatten och hei an der Chamber an an de Wahlprogrammer vun deene verschiddene Parteien ass deen Tramsprojet entwéckelt an eigentlech och bestätegt ginn.

Zënter 2005-2006 steet d'Konzept vun engem liichten Tram an der Stad, deen den ursprüngleche Projet vum BTB-Bahnhybrid aus den 1990er Joren ersat huet. De Projet steet eigentlech och zënter enger grondsätzlecher Debatt, déi mer hei an dëser Chamber an där Period 2005 an 2006 gefouert hunn.

Nach virun de Wahle vum Oktober 2013, also nach während der leschter Legislaturperiod, huet den deemolegen Nohaltegkeetsminister vum Regierungsrot gréng Luucht kritt, fir de Finanzéierungsprojet fir déi Tramslinn Gare-Lëtzebuerg-Luxexpo-Kierchbierg ze deponéieren. En ass, wéi scho gesot ginn, hei vun der Chamber plébicitéiert ginn - net den deemolege Minister, awer de Finanzéierungsprojet -, well hei iwwer 90% vun den Deputéierten hire Jo zu deem Tramsprojet abruecht hunn.

D'Kommissioun war der Meenung, dass d'Wieler also genuch an ausreechend informéiert waren, dass genuch an ausreechend an déif debattéiert ginn ass iwwer laang Joren, wat deen Tramsprojet ugeet a wat d'Positioune vun deenen eenzelne Parteien ugeet. An och wann een e Bléck an d'Parteiprogrammer werft vun 2009, awer besonnesch och vun 2013, da muss ee feststellen, dass mat Ausnahm vun der ADR sämtlech aner Parteie sech an hire Programmer onmëssverständlech fir en Tramsprojet fir Lëtzebuerg ausgeschwat hunn, soudass een also net ka vun engem Iwwerraschungsmoment schwätzen an där heiter Diskussioun, déi sech, wéi gesot, schonn iwwer Jorzéngten hinzitt, mä dass d'Positioune vun de Parteien am Virfeld ganz kloer waren.

Et muss een och nach derbäifügen, dass dee Referendum, deen hei proposéiert ass, jo op Basis vum Artikel 51 (7) vun eiser Verfassung stattfënnt an no der gängeger Interpretatioun nëmmen e konsultative Charakter kann hunn, esou wéi eis Verfassung momentan formuléiert ass a wéi d'Interpretatioun, zumindest déi mehrheetlech Interpretatioun, vum Verfassungstext ass. Soudass mer hei an där spezieller Situatioun sinn, dass mer op där enger Säit e gestëmmtent Gesetz hunn, wat schonn an der Exekutioun ass, an doniewent e konsultative Referendum hei géifen duerno organiséieren, dee jo dann automatesch dat Gesetz net géif ausser Kraaft setzen, och wa sech do, deemno wéi d'Fro gestallt wär, e Jo oder en Nee géif duerchsetzen, wat also och zu grousse rechtleche Komplikatioune géif féieren.

D'Kommissioun gesäit also opgrond vun deene kloren Aussoen, déi all d'Kandidaten an d'Parteien am Virfeld vun de Wahle gemaach hunn, a vum Fait, dass eigentlech dee Vote vun der Chamber vun 2014 an der Linn läit vun deenen Aussoen, déi all d'Parteie virun de Wahle gemaach hunn, kee Grond, fir hei an deem heite spezifesche Fall op de Wee vun engem nationale Referendum zréckzegräifen. Hei hunn d'Parteien dat ëmgesat, wat se eigentlech am Virfeld vu politesche Positiounen och haten.

An et kann een dovunner ausgoen, dass also och ee vun de Kritären, no deenen d'Wieler sech entscheet hunn, wat fir enge Parteien a wat fir enge Kandidate se hiert Vertraue géife ginn, och zesummegehaangen huet mat där Positioun, déi d'Parteien an där doter Fro onmëssverständlech virun deene leschte Wahle geäussert hunn. A mir waren also der Meenung, dass et am Kader vun enger parlamentarescher Demokratie dann och richteg ass, dass d'Chamber dann an deem heite Fall kloer a folgerichteg zu den Aussoen, déi se virdru gemaach huet, hir Décisioun hei geholl huet.

Aus all deenen Iwwerleeungen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, recommandéiert also d'Institutiounskommissioun eestëmmeg, fir déi Proposition de loi vum Här Reding hei ofzelehnen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Auteur vun der Proposition de loi, de Roy Reding.

Présentation

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wollt ech dem Alex Bodry Merci soe fir säi faktuell korrekte Rapport, och wann ech natierlech inhaltlech net dermat d'accord sinn. An ech wollt och der Conférence des Présidents Merci soen, datt ech d'Geleeënheet hei kréien, an enger seriöer Riedezäit dee Projet, deen ech hei am Numm vun der ADR abruecht hunn, däerfen ze verteidegen, och wann iwwer en negative Vote keen Zweifel däerft bestoen.

Meng Partei ass, wéi scho gesot ginn ass, der Meenung, datt de Bau vum Tram an der Stad respektiv seng Finanzéierung duerch de Statsbudget hätt sollen engem Referendum ënnerworf ginn. Firwat mir géint den Tram sinn an e fir déi gréisst Feelinvestitioun vum Jorhonnert halen, hu mer zur Genüge duergeluecht. Ech wëll och guer net op déi Argumenter agoen.

Keent vun eisen Argumenter gouf bis elo, a mengen Aen, entkräft. Am Contraire, wat déi Saach méi wäit gedeiht, wat mir ëmmer méi kloer gesinn, datt der ADR hir Positioun richteg war an de Citytunnel déi besser Léisung gewiescht wier.

Nodeem awer eng kloer Chambersmajoritéit fir deen an eisen Ae falschen an iwwerdeierte Projet sech erauskristalliséiert huet, wollte mir dem Vollek d'Recht zréckginn ze décidéieren. A genau dat heescht e Referendum, vum Laténgeschen „re": zréck an „fere": droen, bréngen; déi gewielte Volleksvertrieder bréngen dem Souverän, dem Vollek, de Wieler, d'Recht zréck ze décidéieren.

Domat entkräften ech och dat éischt Argument vun der Pro-Tram-Majoritéit hei am Haus, et wier ofgestëmmt ginn an domadder wier d'Bir geschielt. Dat ass net richteg.

Et gouf gesot, mir hätten déi heite Proposition de loi ze spéit agereecht. Och dat ass net richteg.

Mir hu schonn de 4. Februar 2010 eng éischt Proposition de loi hei déposéiert fir e Referendum iwwert de Choix: Citytunnel oder Tram? Dat ass wouer, de Conseil d'État huet deemools Oppositioune souleveiert. Dat ass ganz richteg, mä et ass och net manner richteg, datt d'Chamber entre-temps gewinnt ass, op esou Oppositioune vum Conseil d'État ze reagéieren an den Text entspriechend ze änneren. Dat hätt an där zoustänneger Kommissioun kënne geschéien, wann een dat gewollt hätt.

Méi spéit, och net ze spéit, huet eis ADR-Gemengeconseillère an der Stad Lëtzebuerg, d'Marceline Goergen, eng Motioun am Stater Gemengerot erabruecht a gefrot, d'Stad sollt e kommunale Referendum duerchféieren. Och hatt ass gescheitert un de Stëmme vu sämtlechen anere Parteien: LSAP, DP, déi gréng, CSV an déi Lénk.

Zu gudder Lescht gouf eis virgehäit, firwat datt mir net selwer e kommunale Referendum provozéiert hätten, wat mer jo hätte kënne maachen op Basis vum Artikel 35 vun der Loi communale, deen allerdéngs virgesäit, datt ee muss e Fënneftel vun de Wieler hanner sech hunn, fir esou e kommunale Referendum ze erzwéngen. An der Stad hate mer - dat sinn elo d'Zuele vum Referendum vum 7. Juni - 30.096 Wieler. Dat heescht, esou eng Aktioun hätt misse 6.020 Stëmme vun agedroene Wieler an der Stad Lëtzebuerg hanner sech bréngen. Dat wier eng Herkulesaufgab gewiescht fir eng kleng Partei wéi eis.

Schlussendlech, an dat huet de Rapporteur ganz richteg gesot, hunn ech dës Proposition de loi méi wéi zwee Méint virum Vote iwwert den Tramsprojet ofginn. Dat heescht, och du war nach Zäit, fir ze soen: Ma kommt, mir froen de Wieler!

Net ze spéit, mä éischter ze séier, huet par contre eis Regierung geschoss, an dorënner de Bauhär Luxtram SA, dee Aarbechten ugefaangen huet, notamment Ofholzungen, ier d'Consultation publique nom Artikel 11 vum Gesetz vum 29. Mee 2009 concernant l'évaluation des incidences sur l'environnement humain et naturel de certains projets routiers, ferroviaires et aéroportuaires duerchgefouert gouf. Et ass schued, datt elo kee vun der Regierung do ass, mä ech hat awer d'Geleeënheet virdrun am Couloir, dem Justizminister ze soen, e soll dem Parquet soen, do wier eventuell eng Plainte, déi sech géif imposéieren.

Et gëtt gesot: „Dir kënnt elo kee Referendum maachen, mir hunn ofgestëmmt." Dat ass falsch. Selbstverständlech kann e Referendum suspensiv oder och abrogativ sinn. An deem éischte Fall gëtt e Gesetz, wat nach net a Kraaft getrueden ass, suspendéiert, bis de Souverän, de Wieler, et confirméiert huet. Esou ee Verfahre géif eis, denken ech, hei an der Chamber heiansdo gutt zu Gesiicht stoen, wa mer eis éierlech bewosst sinn, datt déi parlamentaresch Majoritéit a wichtege Froen net ëmmer onbedéngt dem Volleks-, also dem Wielerwëllen entsprécht.

An deem zweete Fall gëtt e scho rechtskräftegt Gesetz duerch Referendum abrogéiert, réckgängeg gemaach. Ech huelen einfach d'Beispill: 34 Deputéierter heibannen, an ech sinn elo net polemesch, fir se ze qualifizéieren, ware begeeschtert vun engem Auslännerwahlrecht, wat hiert gutt Recht war. A si konnten och soen: „Mir goufen op Basis vun deem Parteiprogramm gewielt, wat dat seet", mä et huet sech awer erausgestallt, datt géint déi 56,66% vu parlamentaresche Vertrieder heibannen, eng Meenung war vun 163.062 Wieler, an dat sinn 78,02%, déi net där Meenung waren. Mir gesinn also, datt eng parlamentaresch Majoritéit net ipso facto dem Wieler- an dem Vollekswëllen entspréicht.

A genau duerfir si Referenden esou wichteg, fir ze verhënneren - an ech hunn do e ganz flotten däitsche Saz fonnt: „als Verzerrung durch Sonderinteressen von gesellschaftlichen Eliten", fir déi ze beschränken. Well all Stëmm gläich vill wäert ass, schaaft e Referendum fair a vun anere Kräfteverhältnisser onofhängeg Bedingungen.

An och hei d'Beispill Tram, well mer beim Tram sinn: Ech sinn iwwerzeegt, datt et nieft deenen dräi Parlamentarier, déi hei géint dee Projet gestëmmt hunn, an deem enge Parlamentarier, deen de Mutt hat, sech wéinstens ze enthalen, et nach aner Kolleege gouf, déi zumindest - kommt, mir nennen et emol esou - Bauchwéi hate mat deem dote Projet. Mä Fraktiounszwang oblige!

An domat wier ech bei deem zweeten Argument vun den Trambefürworter, wat den Här Bodry ganz gutt duergeluecht huet: all Partei hätt jo an hirem Wahlprogramm kloer Stellung bezunn; d'ADR wier déi eenzeg Partei gewiescht - do huet e recht -, déi klipp a kloer géint den Tram gewiescht wier, mir hätte keng Majoritéit kritt als ADR, also wier d'Majoritéit vum Vollek fir den Tram. Mä egal wéi wichteg, well falsch a milliardeschwéier den Tram ass, d'Wieler kucken dach bei de Wahlen e Gesamtpak! An d'Wahl vun 2013, do kann een awer beim allerbeschte Wëllen net soen, datt dat eng Tramswahl gewiescht wier.

Huelt einfach, fir Äert Argument ad absurdum ze féieren: D'ADR war fir e gratis ëffentlechen Transport a géint den Tram. Wat mécht dann elo een, dee géint e gratis ëffentlechen Transport ass a géint den Tram? Stëmmt en hallef LSAP an hallef ADR? Et ass iergendee fir d'Auslännerwahlrecht. Mir hunn eis klipp a kloer géint d'Auslännerwahlrecht ausgeschwat. En ass awer och géint den Tram. Wat mécht deen dann elo? Wielt en eis, obwuel mir géint d'Auslännerwahlrecht sinn?

Et ass einfach absurd, esou Saachen ze behaapten. Et ass e Sophismus, a Sophismus gebraucht een ëmmer, Här Bodry, wann ee weess, datt een am Onrecht ass.

(Interruption)

Déif an lech dra wësst Der, wéi...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Et ass representativ Demokratie, dat do.

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* ...e Referendum iwwert den Tram géif ausgoen, nämlech mat Neen. Eleng schonns d'Ennerschréften, déi d'Aktioun géint den Tram a fir de Referendum abruecht huet, dat huet androckvoll gewisen, wéi vill Leit hei am Land sech konnte mobiliséieren a begeeschtere fir déi doten Thematik.

An ech behaapten, datt genau dowéinst, Dir hutt et elo gesot, Här Bodry, wéinst der parlamentarescher Representativitéit, genau duerfir hei an dëser Chamber keng Ustrengung gemaach gëtt, fir e richtegt Referendumsgesetz ze kréien. Bis elo ass e Referendum jo just iwwer e Gesetz méiglech, an och dann nëmmen, wat Der ganz richteg gesot hutt, konsultativ, wa mer elo emol de richtege verfassungsrechtleche Referendum vum Artikel 114 ausser Uecht loossen. Fakt ass, et besteet hei am Haus eng kloer Angscht virum Vollek a virum Vollek senger Meenung! An amplaz de Mutt opzebréngen, endlech eng echt Referendumskultur ze schafen, gëtt d'Iddi schonn nees zerriet: Wéi komplizéiert ass d'Organisatioun vun der Campagne? Soll se vun de Parteie gefouert ginn? Wéi geet een ëm mat Gruppéierungen aus der Zivilgesellschaft? Wie finanzéiert esou eng Campagne? An esou weider, an esou weider.

Schonn 19..., ech mengen, et war '98, mä Dir kënnt mech verbesseren, huet den deemolegen ADR-President Robert Mehlen hei an der Chamber eng Proposition de loi iwwer e Referendum abruecht „sur initiative populaire". Dee Projet de loi ass am Tirang verschwonnen.

Mä et kann ee Saachen aus Tiräng eraushuelen. Huelt dee Projet aus dem Tirang eraus a kommt, mir diskutéieren oppen an éierlech driwwer, iwwer wat fir eng Theme sollte méi Referende gefouert ginn, wéi mer méi direkt Demokratie hei am Land kënne kréien!

(Interruption par M. Alex Bodry)

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* Dozou gehéieren natierlech...

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Neen, neen.

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* Dozou gehéieren natierlech...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Déi aner net! Do huet de Statsrot sech kloer ausgeschwat.

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* Mir si jo derbäi, eng Verfassung ze änneren, Här Bodry, da kéinte mer dat jo afëieren.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Et gehéieren also zu deenen Themen, déi ee kann a sollt der direkter Demokratie ënnerwerfen, och grouss Infrastrukturprojeten. An do muss ech dem Här Wiseler ausdrécklech ausnahmsweis widderspriechen. En huet gemengt, en Infrastrukturprojet wier net...

Une voix.- Bravo!

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* ...gemaach, fir dem Vote populaire ënnerworf ze ginn. Ech denken dat net. Besonnesch net an engem Land, wou mer esou vill Statsschold hunn, an engem Land, wou mer e Bezuelpak kritt hunn, e grausame Bezuelpak, wou all Millioun geschruppt gëtt bei deenen Äermste vun deenen Aarmen. Em Gottes Wëllen, hei gi mer eng Milliard aus fir e falschen Tram! Also wann dat net e Projet ass, deen ee kann engem Referendum ënnerwerfen, da weess ech net méi, wat ee soll engem Referendum ënnerwerfen!

Datselwecht gëllt fir grouss gesellschaftspolitesch Froen. Natierlech sinn dat dach grad a par essence déi Themen, déi an e Referendum gehéieren. Eis Wieler dobausse si groussjäheg, Gott sei Dank! Si wëssen, wat se maachen. Si kënnen an enger Campagne informéiert ginn. A kommt, mir hunn dach de Mutt, de Wieler ëm seng Meenung ze froen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Dat maache se ni méi!

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* Effektiv, Här Gibéryen, da maache se ni méi. Neen, mä d'Form vum Referendum ass dat Nächst, wat ee misst diskutéieren.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Virun allem d'Verfassung...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Do bleift e bei senger Meenung.

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* Här Bodry, wat Dir elo uschwätzt, ass e verfassungsrechtlechen Trick, deen Der ugewannt hutt, fir eng net verfassungsrechtlech Majoritéit hei an der Chamber,...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Neen, Dir hutt ëmmer gesot, Dir géift bei Ärer Meenung bleiwen, egal wéi d'Leit ofstëmmen!

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* ...fir eis den Aarm ze béien. An et ass lech net gelongen! An doriwwer schwätze mer elo net.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Neen, Dir wëllt net driwwer schwätzen, mä mir kommen awer nach drop zréck!

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* Mir schwätzen hei net iwwer Ären Trick, mir schwätzen hei iwwert dee Referendum, dee mer wëllen hunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Sou!

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Mir kommen nach drop zréck.

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* A mir wëllen eng konsultativ...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Esou einfach geet dat net.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Här Reding, Dir adresséiert lech elo erëm direkt un d'Parlament, an all déi aner Kolleege loossen den Här Reding schwätzen!

M. Roy Reding *(ADR), auteur.-* Villmools Merci, Här Di Bartolomeo, fir Är Hëllef.

Mir wëllen also, datt verbindlech Referende kënnen duerchgefouert ginn. Mir wëllen, datt Referende kënnen op Initiative populaire duerchgefouert ginn. Wou een do de Seuil festsetzt, dat ass natierlech eng gutt Diskussioun. Selbstverständlech muss dat eng Zuel vu Wieler sinn, déi héich genuch ass, fir Onfug ze vermeiden, mä si muss awer och realistesch genuch sinn, datt kann e motivéierten Trupp se bäibréngen: Soe mer emol, vläicht 15.000 oder vläicht 20.000 Wieler hei am Land. Dat wier e Seuil, dee mir géife gesinn.

Selbstverständlech muss dat Gesetz iwwer verbindlech Referenden e puer Spillregele kloermaachen: datt zum Beispill d'Fro kloer formuléiert gëtt; datt keng zwou Froe matenee verbonne ginn; datt keng suggestiv Froestellung stattfënnt; datt eng neutral Typografie stattfënnt; datt zum Beispill ganz kloer den Nee riets gehéiert an net lénks, wann ee seet „Jo oder Neen, sidd Der fir eppes"; datt e fairen a fräie Wahlkampf gefouert gëtt; datt et zu enger Finanzéierung kënnt vun där Campagne, och vu Gruppéierungen ausserhalb vum Parlament, zum Beispill op Basis vun engem Prozentsaz jee no Ausgab.

Wat wichteg ass: Kommt, mir gruewen de Projet Mehlen nees aus an diskutéieren e wierklech! Äre Kolleeg, Här Bodry, de Willy Brandt, huet eng Kéier gesot: „Mir musse méi Demokratie woen."

(Interruption)

Mir musse méi Demokratie woen a mir brauche keng Angscht ze hunn, mä Respekt, Här Bodry, Respekt virum Wieler a senger Meenung!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Ech soen lech Merci.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Virum Willy Brandt hu mer en, dat ass richteg.

Une voix.- Voilà.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Nach eng Kéier: Ech mengen, de Riedner adresséiert sech un d'Chamber.

(Interruption par M. Roy Reding)

Un d'Chamber, Här Reding! Respekt virun eisem Reglement och, wann ech gelift! Nächste Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Merci, Här President. Ech mengen net, datt et de Moment ass, fir eng zweet Diskussioun iwwert den Tram heibannen ze féieren. Déi hu mer d'lescht Joer gefouert an déi ass ausgaange mam Gesetz vum 24. Juli 2014, wou mer d'Méiglechkeeten heibannen haten, iwwert d'Technik, iwwert de Sënn, iwwert den Zweck, iwwert d'Zilsetzunge vun deem Tram eis wierklech am Detail ze ënnerhalen. 56 Jo-Stëmme sinn dobäi erauskomm.

Haut geet et a sech ëm déi Proposition de loi vun engem Referendum. Dir kennt eis Positioun, well mer se scho méi wéi eng Kéier gesot hunn: Mir sinn net der Meenung, datt een heiriwwer sollt e Referendum organiséieren, aus dräi prezise Grënn, déi ech nach eng Kéier wéilt am Detail ausféieren.

Dat Éischt, dat ass e prinzipielle Grond. Dir kennt eis Positioun zum Referendum. Mir mengen, datt e Referendum a sech sollt ugewannt ginn an deene wichtege Momenter vun der Lëtzebuerger Geschicht, dann, wann et drëm geet, fir Weichen ze stellen, dann, wann et drëm geet, fir an dem historesche Kontext d'Lëtzebuerger Vollek ëm eng Richtung ze froen, déi, wou mer da sollen higoen. Duerfir ware mer géint de Referendum vum 7. Juni, mat genau deeneselwechten Argumenter. An duerfir si mer och géint all Referendumspropositioun vun dëser Natur, well mer net mengen, datt déi eenzel individuell Projeten, esou wéi se hei kommen, am Fong dat sinn, wat mer engem Referendum sollen zum Sujet maachen.

Mir mengen, datt den Artikel 51 (1) vun eiser heuteger Verfassung, datt den «Grand-Duché du Luxembourg est placé sous le régime de la démocratie parlementaire» a sech dee Sënn och huet, datt a sech déi Demokratie an déi Aart a Weis, wéi mer Entscheedungen heibannen huelen, d'Responsabilitéit vum Parlament ass an deenen do Typpe vu Froen. An ech wëll dat och prinzipiell am Numm vun eiser Partei soen, datt mer dat prinzipiell wëlle bäibehalen an datt mer och deen Typ vun Demokratie wëllen an Zukunft behalen.

De Paragraf (7) vum Artikel 51, deen de Referendum virgesäit - a mir halen et do mat dem Conseil d'Etat -, soll en Article d'exception bleiwen, deen der Opportunitéit selbstverständlech vum Parlament ausgesat ass, mä deen trotzdeem och d'Parlament nëmme soll benotzen an exceptionnelle Fäll, dann, wann et wesentlech ass, wa Richtunge fir eis Zukunft solle bestëmmt ginn. Dat zum Éischten.

Zweet Argument an eisen Aen, an dat ass éischter en Argument, wou ech vill Erfahrung als - den Här Bodry huet et ugeschwat - fréieren Travaux-publics-Minister hat, wou ech oft Diskussiounen iwwer Referendumen oder d'Méiglechkeet vum Referendum hat, oder wou d'Leit engem gesot hunn, do misste mer awer elo e Referendum maachen, an dat bei Projeten, wann eng Schoul sollt implantéiert ginn, ob an enger Gemeng...

(Nuisances sonores)

...verschidde Stroossen, wou sollt d'Strooss uewen, ënne vun der Gemeng laanschtlafen, Brécken, Tanken, Park & Riden, Muséeën, Bibliothéiken, alles dat, alles dat si Sujeten, déi d'Leit natierlech opreegen, déi d'Leit natierlech nervös maachen a wou déi eng oder déi aner Kéier dann evidenterweis opkënnt: Elo misste mer e Referendum doriwwer maachen!

Mä ech soen lech, bei verschiddene Saachen, wann Dir an e Referendum gitt an Dir frot, ob Der e Réfugiéshaus an enger Gemeng sollt maachen an Dir frot an der Gemeng, da kritt Der 90% vun de Leit, déi wahrscheinlech dergéint wäerte sinn. A wann Der datselwecht frot am Land, da kritt Der 90% vun de Leit, déi derfir sinn, fir et an där Gemeng opzeriichten.

Duerfir sinn déi Froe wesentlech méi nuancéiert unzegoen. An ech mengen, datt et un der Politik ass, an duerfir si mer alleguer gewielt, eis Responsabilitéiten ze huelen. Et geet heiansdo ëm national Noutwendegkeeten. An d'Politik muss d'Responsabilitéiten huelen, fir déi Noutwendegkeeten an d'Realitéit ëmzesetzen. Ob dat elo bei Schoulen, bei Réfugiéshaiser, bei Stroossen, bei Brécken, bei Park & Riden, bei Muséeën, bei Bibliothéiken ass, mir hunn eng Responsabilitéit heibannen a mir kënnen eis där Responsabilitéit net entzéien!

An et geet haaptsächlech och drëm, datt mer d'Responsabilitéit net op individuellen Objeten huelen, mä datt mer eng Responsabilitéit huelen, fir datt eis Infrastrukturen iwwert d'Land esou verbreet sinn, datt se och sënnvoll sinn an datt d'ganz Bevëlkerung dovunner ka profitéieren. Et kann een also net eng Diskussioun féieren, ob e Lycée sollt hei oder do installéiert ginn, mä d'Regierung respektiv d'Chamber hunn d'Responsabilitéit, fir ze kucken, datt iwwerall am Land den Accès zu deenen noutwendegen Infrastrukture garantéiert gëtt.

An datselwecht gëllt evidenterweis an der Transportpolitik, wou ee muss kucken, datt een eng Mobilitéit en place setzt, déi fonctionnéiert, déi sënnvoll ass. An do kann s de, wann s de déi Politik en place wëlls setzen, net een Element vun enger Mobilitéitspolitik erausgräifen an dat zu engem Jo oder Neen exposéieren!

Mir heibannen, mir sinn, an duerfir si mer gewielt, responsabel fir den Ensembel vun deene Politicken a fir d'Kohärenz vun deene Politicken! Ee Punkt vun enger Politik erausgräifen, verfälscht déi ganz Diskussioun an hëlt eis eng Responsabilitéit ewech, oder mir loossen eis se ewechhuelen, wou se awer wichteg ass, datt mer se kënnen huelen.

Duerfir hunn ech och sengerzäit de MoDu probéiert mat allen Diskussiounen, mat alle Parteien duerchzediskutéieren, fir eng generell Vue ze kréien a fir kënnen eng Mobilitéitspolitik dans son ensemble ze maachen.

An eng drëtt Positioun, ganz kuerz, Här President: Mir sinn der Meenung, datt de Gesetzestext, deen elo gestëmmt ass, kloer an däitlech seet, wou et soll higoen. Mir sinn net der Meenung, datt ee soll e Referendum maachen iwwer e gestëmmtene Gesetzestext.

Mir hate schonn eng Kéier déi Situatioun. D'DP hat sengerzäit - ech mengen, d'Madame Brasseur war dat - iwwert de Musée e Referendum gefrot. Si huet och dee Referendum sengerzäit, déi Proposition de loi, obwuel d'Gesetz scho gestëmmt war, och wëllen an d'Parlament bréngen, huet awer dunn, wéi ech dat nogelies hunn, an der Parlamentssessioun gesot: „Mä de Gesetzestext ass gestëmmt. Ech wollt just, datt mer déi Diskussioun hei géife maachen", mä huet séance tenante an der Chamber de Gesetzestext zréckgezunn, well se gesot huet: „Mir hu schonn heibannen eng Décisioun driwwer geholl, ech wëll net nach eng Décisioun iwwert de Referendumstext erbäibréngen." Datt se et hei an d'Chamber bruecht huet, ass déi eng Saach, datt se et zréckgezunn huet, mat deem rechtsstaatleche Verständnis, dat sengerzäit do war, hunn ech gutt fonnt.

Ech ginn net dovun aus, datt d'ADR dat haut mécht, mä ech hätt mer et awer gewënscht, well et wär logesch, well mer hei eng Ofstëmmung, eng gesetzlech Ofstëmmung gemaach hunn, a par ailleurs, well et e Projet ass, dee schonn amgaangen ass. A Projeten, déi schonn amgaange sinn, déi stoppt een net!

Ech soen lech Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Très bien!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Wiseler. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

(Interruption)

Oh jo!

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Ech war e bëssen iwwerrascht, Här President, datt et schonn u mir wier.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Mir kënnen natierlech wiesselen, et ass mäi Feeler.

M. Gusty Graas *(DP).-* Jo.

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Da loosse mir den Här Graas vir.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, mir loossen den Här Graas vir.

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Ech wier awer elo prett gewiescht.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo. Sorry bei deenen zwee.

M. Gusty Graas *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Referendum ass ouni Zweifel e ganz wichtegt, e ganz wesentlecht Instrument vun der direkter Biergerbedeelegung.

Une voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP).-* Mir als Lëtzebuerger Land hu jo entre-temps eng gewëssen Erfahrung, wa mer e bëssen an d'Geschicht zréckbliedere ginn. Dat ass 1919 ugaangen, ass 1937 weidergaangen, 2005, an elo, net méi spéit wéi de leschte 7. Juni. Eppes ass awer ganz kloer: D'Instrument vum Referendum däerf net mëssbraucht ginn! D'Instrument vum Referendum ass u sech geduecht, fir awer och tëschent de Wahlen erauszefannen, wéi zu eenzelne Projeten déi allgemeng Meenung ass.

Ech wëll awer hei ganz kloer ënnersträichen, datt een awer trotzdeem e bësse verwonnert ass, datt mer haut en Débat féieren iwwer e Sujet, deen awer kloer an definitiv ofgeschloss ass. Mir hunn, an dat ass schonn e puermol hei gesot ginn, d'lescht Joer d'Gesetz hei gestëmmt iwwert den Tram, en Thema, wat natierlech ganz kontrovers an deene leschten zwee Jorzéngten, an doriwwer eraus souguer nach méi laang, diskutéiert ginn ass.

Mir haten entre-temps och Wahlen. Och déi Wahlen hunn eng ganz kloer Zäsur mat sech bruecht, well hei d'Parteie sech konnte positionéieren. Datt elo awer nach eng Proposition de loi hei virläit, fir nach, zu dësem Zäitpunkt, e Referendum zu engem Sujet ze organiséieren, deen u sech um Terrain schonn amgaang ass ëmgesat ze ginn, mengen ech, dierft dobaussen awer zumindest fir e bësse Kappzerbrieches suergen.

Mir mussen och feststellen, datt déi Proposition de loi vum Här Reding, eiser Meenung no, net komplett ass. Si ass net kloer genuch. An ech maache mech och hei zum Firspriecher vum Conseil d'État, deen dat Wuert „ambiguïté" benotzt, wat jo awer méi däitlech net kann ausgedréckt ginn. An doméinst ass et fir eis evident, datt mer net kënnen hannert där Proposition de loi hei stoen.

Ech wollt awer trotzdeem nach eng kuerz Remarque maachen iwwert de Fonctionnement vun der Demokratie insgesamt. Ech hunn dem Här Reding hei ganz gutt nogelauschtert, sinn awer trotzdeem liicht verwonnert, well en elo wëllt nach op de Wee goen, fir verbindlech Referenden anzeféieren. Et muss een awer wëssen, datt an enger participativer Demokratie ebe just déi Piliere vun der Demokratie d'Wahle sinn. D'Wahlen, déi ganz kloer u sech de gewieltene Leit, där Koalitioun en Optrag ginn, fir eng Rei Punkten ëmzesetzen, déi se virun de Wahle versprach hunn, déi se an engem Koalitiounsvertrag festgehalen hunn.

Ech weess net, ob et der Demokratie dénglech wär, wa mer entre deenen zwou Échéancë géifen nach zousätzlech elo Instrumenter aféieren, wat u sech géif éischter derzou féieren, fir Décisiounen, déi u sech scho geholl gi waren, fir déi erëm praktesch ausser Kraaft ze setzen. Duerfir ass dat fir eis keng flott parlamentaresch Approche, déi mer op kee Fall och kënne matdroen.

Mir bleiwen och nach wie vor der Meenung, datt den Artikel 51 vun der Verfassung an deem heite Punkt ganz kloer ass an datt mir eis och do derzou bekennen, och fir d'Zukunft.

Ech kann also ofschléissend nëmme feststellen, datt mer eis hei u sech um Niveau vun engem sougenannten „moutarde après dîner" bewegen. Et ass fir eis, wéi gesot, net novollzéibar, datt mer elo sollen zu dësem Zäitpunkt nach eng Kéier deen Débat oprullen, nach eng Kéier sollen d'Bierger dobausse froen, ob se fir oder géint den Tram sinn, well, wéi gesot, nach eng Kéier: Déi Décisioun ass scho kloer getraff gi vun de Bierger selwer!

Well wann Der dat net esou gesitt, da muss ech lech awer de Virworf maachen, datt Der da jo d'Wahlen awer u sech och a Fro stellt! Wahlen an enger Demokratie, déi fir ganz kloer Resultater suergen, déi derfir suergen, datt d'Majoritéiten...

(Interruptions)

...datt d'Majoritéiten hei fixéiert ginn. An déi Majoritéite kréien den Optrag, fir dann u sech dee Programm ëmzesetzen, fir dee se stinn.

An deem Sënn, wéi gesot, fanne mir an där Proposition de loi do jiddefalls keng Aussoen, déi eis géifen derzou verleeden, fir där Propositioun hei eng positiv Ënnerstëtzung ze ginn. Wat awer natierlech net soll verhënneren, datt mer nach wie vor och an Zukunft hanner Referende stinn, wa sech dat opdrängt, well et eben e gutt Instrument ass!

Ech wëll op de kommunalen Niveau hiweisen, wou et jo dann och nach d'Consultatioun gëtt! Mir hunn also an eisem ganze parlamentaresche Gebilde an och kommunale Gebilde schonn Instrumenter, fir d'Bierger permanent och mat an den Décisiounsprozess anzebezéien. Mä nach ëmmer ginn d'Décisiounen entweder am Parlament geholl oder um Niveau vun engem Gemengerot!

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Graas. An elo ass et dann definitiv um Här Claude Adam. Här Adam, sorry fir déi Verwiesselung!

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Keng Ursaach!

Merci, Här President, fir d'Wuert. D'Regierung hat am Exposé des motifs vun hirem Projet de loi, wéi mer d'Referendumsgesetz 2005 hei an der Chamber debattéiert a votéiert hunn, een Demokratiedefizit ugefouert. Si hat deen awer net weider explizéiert an hirem Text. Et war e Schlagwuert, kann ee soen, wat do gebraucht ginn ass. An d'Äntwert op den Demokratiedefizit war, an den Ae vun der Regierung, de Referendum. An 2005 haten all d'Parteie fir d'Referendumsgesetz gestëmmt. De Projet war mat 60 Stëmmen ugeholl ginn.

déi gréng sinn der Meenung a waren och ëmmer der Meenung, datt de Referendum keng Äntwert ka sinn op alles! Mir wëllen dat och net, well mer der Meenung sinn, datt de Referendum déi gewielte Vertrieder net soll aus hirer Verantwortung entloossen. Well wa mer dat nämlech domat wéilten erreechen, da musse mer wierklech oppassen, op wéi enger Pente datt mer eis befannen!

Mir Gréng sinn op jidde Fall der Meenung, datt dat net kann den Zweck vum Referendum sinn. An ech mengen, och den Här Wiseler ass an déi Richtung gaangen, wéi e gesot huet, datt d'Politik muss hir Responsabilitéiten iwwerhuelen, besonnesch och, wat d'Plange vun Infrastrukturen am Land betrëfft.

Duerfir si mer och iwwerzeegt, datt et falsch wier, e Referendum iwwert d'«Participation du budget de l'État dans le financement d'une ligne de tramway à Luxembourg» ze organiséieren, wéi den Auteur vun dëser Proposition de loi et freet. Mir gesi mam beschte Wëllen net, wéi een dem Tram zu Lëtzebuerg géint virwerfen, e wier d'Resultat vun engem demokrateschen Defizit a misst duerfir vun engem Referendum bestätegt oder désavouéiert ginn.

Ech hunn als grénge Politiker nach net d'Chance gehat, hei iwwert den Tram ze schwätzen. Meng Riedezäit ass begrenzt, duerfir wäert ech dat och ganz kuerz maachen. Ech hat mer e Pleséier draus gemaach, den Historique iwwert den Tram ze liesen, dee vun der Tram Asbl zesummegestallt ginn ass - an ech wëll der Tram Asbl Merci soe fir déi gutt Aarbecht -, ech hunn dat nogelies. An ech gräife just e puer politesch Aspekter eraus, déi och d'Chamber betreffen. Et geet jo net drëm, hei den Engagement vun enger Asbl ze luewen oder ervirzehiewen, et geet einfach drëm, ze weisen, wéi et zu där demokratescher Décisioun Tram komm ass.

1964 ass an engem Geescht vun „alles op den Auto" déi lescht Tramslinn zu Lëtzebuerg agestallt ginn. Dat war eng politesch Décisioun. Schonn 1991 ass d'Tram Asbl gegrënnt ginn. Diskussioune mat de politesche Parteie sinn et schonn '92 an '93 ginn. Och den Här Bodry huet dat gesot gehat.

1995 hat déi deemoleg Regierung en Zuch-Tram-Bus-Projet lancéiert, de BTB. 1999 war allerdéngs d'Oppositioun géint d'Iddi vum Tram esou grouss, datt eng kuerzfristeg Realisatioun net méi ze maache war. Den 13. a 14. Mee '96 hat d'Transportkommissioun op eng ëffentlech Table ronde an der Chamber invitéiert. A fir d'Chamberwahlen 2004 sinn eng Rei Parteie mat Plakater, wou se sech kloer an däitlech fir d'Realiséierung vun engem Projet Tram ausgeschwat hunn, an d'Wahle gaangen, notamment och déi gréng Partei, awer net nëmmen déi gréng.

An de 6. Mäerz 2006 hunn de Lucien Lux, deemolegen Transportminister, an de Paul Helminger, deemolege Stater Buergermeeschter, de Projet Tram virgestallt. Ech erspueren lech elo de Rapport iwwer sechs Joer Studien, Verhandlungen, Aarbecht an Engagement, déi da schliisslech derzou gefouert hunn, datt de 4. Juni 2014 de Projet de loi 6626 vun der honorabeler Rapportrice, der Madame Josée Lorsché, an der Chamber virgestallt ginn ass a mat enger ganz grousser Majoritéit ugeholl ginn ass. A jo, mir haten och eng Petitioun vu 7.100 Ënnerschrëfte géint den Tram, déi mer an engem Hearing hei an der Chamber debattéiert haten.

Fir déi gréng ass et kloer, datt mer mam Tram endlech dee qualitative Schratt an eiser Verkéierspolitik maachen, deen onbedéngt noutwendeg ass, fir dee Verkéiersinfarkt, deem mer scho ganz bedenklech no sinn, ze évitéieren. Mä dat ass keen Argument géint ee Referendum iwwert den Tram! D'Argument géint e Referendum iwwert den Tram ass an eisen Ae ganz kloer dee laange politesche Wee zum Tram hin. Wann a jorzéngtelaange politesche Beméiungen am politesche Spektrum e Konsens, bis op eng Ausnahm, gewuess ass, an ech soe kloer, datt dee Konsens gewuess ass an net vum Himmel gefall ass, da kënne mer eis net selwer aus eiser Verantwortung entloossen!

Den Auteur vun der Proposition de loi rappeléiert, datt de Statsrot seet, de Bau vun enger Tramslinn wier e politesche Choix. Jo, et ass och ee politesche Choix! Mir gesinn doran ee politesche Choix, dee mer getraff hunn an dee mer sollen duerchzéien. Wa mer esou Choixen, déi a politeschen Diskussiounen iwwer méi wéi 20 Joer gewuess sinn, engem Referendum wëllen ënnerzéien, da leeschte mer eiser parlamentarescher Demokratie kee gudden Déngscht. An duerfir wäert déi gréng Fraktioun och géint dës Proposition de loi stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Dir wësst, wéi et ausgeet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Adam. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Merci, Här President. Mir hunn hei an der Chamber deen Tram matgestëmmt. An en ass och hei mat enger grousser Majoritéit ugeholl ginn. Mir fannen, dass den Tram e sënnvolle Projet ass am Kader vun der Mobilité durable. Mir deelen och d'Meenung, dass den Tram laang a breet an der Gesellschaft diskutéiert ginn ass während Jorzéngten. An ech muss derbäisoen: net ëmmer sachlech diskutéiert ginn ass, virun allem vun de Géigner vum Tram, déi bis de leschte Moment hei drëm kämpfen - dat ass hiert gutt Recht -, fir dee Projet, deen e sënnvolle Projet ass, ze verhënneren.

Mir fannen och net, dass esou en Infrastrukturprojet e gëeegnete Sujet ass fir e Referendum. E betrëfft vill Beruffspendler an och vill Leit an hirer Fräizäit, eiser Meenung no positiv. Do si Leit derbäi, déi hunn emol net ëmmer d'Wahlrecht, well et ass och e grenziwwerschreidenden Aspekt verbonne mat deem Projet hei.

Mir mengen also, dass d'Chamber ënnert deene Bedéngungen net soll vun hirem Recht Gebrauch maachen, fir e Referendum iwwer Gesetz ze organiséieren, well dorëm handelt et sech jo hei. Nodeem se selwer dat esou laang, wéi dat och hei duergestallt ginn ass, diskutéiert huet a mat enger grousser Majoritéit an engem Gesetz dee Projet ugeholl huet, fannen ech, wier d'Chamber kontradiktoresch mat sech selwer, wa se géif esou e Gesetz hei unhuelen. Duerfir stëmme mer och géint déi Proposition de loi do.

Anescht ass allerdéngs d'Situatioun, ob een de Bierger net sollt d'Recht ginn, fir e Referendum ze froen. Do ass et eng ganz aner Fro, déi sech stellt. An ech sinn och net d'accord mat der Argumentatioun vum Statsrot, dee seet, an engem Regime vun Démocratie représentative géif sech eng direkt Consultatioun vum Wieler net opdrängen. Ech fanne wuel, dass, wann de Wieler gären e Referendum zu Froen hätt, ënner gewëssene Bedéngungen, da soll e wuel dat Recht hunn.

Mir hunn an eiser eegener Verfassung - wéi Der jo wësst, déi mer eragereecht hunn, eisen alternative Verfassungsprojet, well mer mat deem aktuelle Projet, wéi e virläit, net zefridde sinn - e ganzt Kapitel virgesinn iwwer Petitioun, iwwer participativ Demokratie an och iwwer direkt Demokratie.

Dora sinn niewent dem Petitiounsrecht Prozeduren zum Beispill virgesinn op allen institutionellen Niveauen - Stat, Gemengen, Verwaltungen -, Consultatioune vun de Leit, Concertatioune mat de Leit, Biergerforen an esou weider. Mir verstinn dat als „démocratie participative". Mä virun allem gesi mer och do eng Form vun Démocratie directe vir, an zwar eng vun Initiative citoyenne an engem Dräistufemodell, wou mer d'Modalitéiten dovun direkt an der Verfassung virgesinn.

Ech wëll gläich dobäi betounen: Och an deem Verfassungsvirschlag, deen elo virläit, deen an der Diskussioun ass vun de Majoritéitsparteien a vun der CSV - an an deem Punkt si mir och d'accord domadder -, steet dran, dass eng Initiative citoyenne soll agefouert ginn iwwer Gesetz. D'Modalitéite sinn allerdéngs net an der Verfassung virgesinn, a mir mengen, et wier gutt, wann déi och an der Verfassung virgesi wieren. Duerfir wëll ech se hei kuerz duerstellen.

An enger éischter Stuf gesi mer vir, dass 0,5% vun de Bierger, an dat sinn an eiser Propositioun och déi auslännesch Matbierger, kënnen eng Propositioun fir e Gesetz der Chamber ënnerbreeden, déi sech dann, nodeem se d'Initiateuren ugehéiert huet, derfir oder dergéint ausschwätzt.

Ass se derfir, fir eng Gesetzespropositioun ze maachen, da schafft se esou eng Gesetzespropositioun selwer aus. Wann d'Chamber awer dergéint ass, da kënnen d'Initiateure vun esou enger Propositioun, wa se dann dës Kéier 2,5% vun den Ënnerschrëfte kréien - vun deene Leit, déi an de Wielerlëschten agedroe sinn, wuelverstanen -, nach eng Kéier bei d'Chamber kommen. A wann d'Chamber dës Kéier décidéiert, se unzehuelen, da ka se se unhuelen; an engem gewëssenen Délai muss se se dann unhuelen.

An a béide Stufe kënnen d'Initiateuren och décidéieren, ob déi Propositioun, déi d'Chamber da virleet, hinnen duergeet oder net, oder ob se weider drop bestinn, hir eege Propositioun weiderzedreiwen. An natierlech, wann d'Chamber se komplett refuséiert, och kënne se an enger drëtter Stuf dann eng richteg Proposition de loi an engem gewëssenen Délai erareechen, déi dann awer ausgeschafft ass. An da kënnen allerdéngs och all Parteien, déi an der Chamber sinn, zu deemselwechte Sujet och esou eng Propositioun maachen. Déi gëtt och vum Statsrot aviséiert, ouni dass dat awer en zwéngenden Avis ass.

A schlussendlech dat, wat do an där Prozedur erauskënnt, gëtt nach eng Kéier der Cour constitutionnelle gewisen. Déi muss feststellen, ob et konform zur Verfassung ass, wat do gefrot gëtt, an och, ob d'Grondrechter net verletzt ginn an esou enger Propositioun. An dat fannen ech e ganz wichtegen Aspekt dovunner.

An da kënnt e Referendum, a wann dat dann ugeholl ass, do hu mer jo dann eng ausformuléiert Proposition de loi, déi hu mer jo dann do, dann ass déi ugeholl! Och esouguer a Verfassungsfroen. Do sinn awer aner Majoritéiten zum Deel da verlaangt.

Mir wëllen déi Propositiounen an den nächste Méint och ëffentlech zur Diskussioun stellen a mir fannen, dass, contrairement zu deem, wat de Statsrot mengt, d'participativ Demokratie net bei him selwer ophält. Et ass net eleng de Statsrot, dee ka participéieren um legislative Prozess, mä mir fannen, och d'Bierger dobausse sollen ënner gewëssene Bedéngungen dat kënne maachen.

Ech soen lech Merci. Mir stëmmen natierlech also géint déi Propositioun hei awer.

Une voix.- Et ass schrecklech.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Urbany. Mir sinn domat um Enn vun den Diskussiounen, ausser wann den Här Rapporteur...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.-* Ech wollt just nach op eng Fro einfach faktuell zréckkommen, dat ass déi Fro Volleksinitiativ, fir nach eng Kéier awer eppes kloerzestellen. Well niewent enger Proposition de loi vun engem ADR-Deputéierten, dem fréieren ADR-Deputéierten, gëtt et och e Projet de loi vun enger viregter Regierung, déi och d'Volleksinitiativ wollt aféieren a wou sengerzäit opgrond vun enger Opposition formelle vum Statsrot décidéiert ginn ass, net op deem dote Wee weiderzefueren. Also, si sinn also net an engem Tirang verschwonnen, déi Propositiounen, well kee Mënsch wollt driwwer diskutéieren, mä well eng verfassungsméisseg Hürd ze huele war.

Zwar war d'Argument vum Statsrot dat, dass eis Verfassung nëmme vum Referendum schwätzt an de Referendum kloer ënnert dem Kapitel steet vun der Chambre des Députés. A si hunn doropshin ofgeleet, dass also u sech, wann eng Volleksinitiativ géif agefouert ginn, wou d'Initiativ net selwer géif bei der Chamber leien, da misst een dat extra an eiser Verfassung virgesinn.

Dat war also och awer, géif ech soen, eng Interpretatioun, déi hei an der Chamber vläicht

net eestëmmeg, mä mat grousser Majoritéit gedeelt ginn ass. An dat erkläert, firwat déi bishereg Virschléi iwwer eng Initiative populaire net zum Droe komm sinn: well mer fir d'Éischt mussen d'Verfassung op deem dote Punkt änneren. An eise Virschlag vun enger globaler Revisioun vun der Verfassung gesäit och eng Änneru ng an deem dote Sënn vir.

Einfach fir dat just kloerzestellen, dass do keng Mëssverständnisser sech breetmaachen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. Mir géifen dann zum Vote iwwert d'Proposition de loi iwwergoen.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 6665

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

3-mol Jo...

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ...a 57-mol Neen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers (par M. Marcel Oberweis), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet (par Mme Martine Hansen);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat wär d'Proposition de loi ofgelehnt. D'Fro no der Dispens brauch ech lech jo wuel hei net ze stellen?

(Négation)

Voilà, da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, d'Proposition de loi 6699 iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert de Mariage an d'Adoptioun bei gläichgeschlechtleche Koppelen. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

11. 6699 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur l'ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei där Proposition de loi hei 6699 vum Deputéierte Fernand Kartheiser geet et drëm, fir per Gesetz en nationale Referendum ze organiséieren iwwert d'Aféierung vum Bestietnis vu gläichgeschlechtleche Koppele wéi och iwwert d'Adoptioun duerch gläichgeschlechtlech Koppelen. Déi Proposition de loi hei ass de 17. Juni 2014 an der Chamber abruecht ginn. De 17. Juni 2014, dat war just een Dag, genau een Dag virun der Ofstëmmung hei am Parlament iwwert de Gesetzesprojet iwwert d'Reform vum Bestietnis.

Dat neit Gesetz, wat also d'Bestietnis opgemaach huet fir gläichgeschlechtlech Koppelen an ënner anerem och d'Adoptioun opgemaach huet fir gläichgeschlechtlech Koppelen, ass de 17. Juli 2014 am Mémorial veröffentlecht ginn an ass zënter dem 1. Januar vun dësem Joer 2015 a Kraaft.

Am Exposé des motifs vun der Proposition de loi gëtt gemengt, dass de Mariage pour tous eng kontrovers gesellschaftspolitesch Fro wär, déi et wäert wär, de Wieler am Kader vun engem Referendum ze ënnerbreeden. Den Deputéierten, den Här Kartheiser, widderhëlt dann eng ganz Rei vun Argumenter, Géigenargumenter géint déi Reform vum Bestietnis, wéi mer se och schonn hei an der Debatt an der Chamber debattéiert hunn.

D'Regierung huet an hirer Stellungnahm op de Werdegang vum Gesetz higewisen an zum Ausdrock bruecht, dass eng Consultatioun ex post vun de Wieler iwwert de Prinzip vun där Reform, déi zënter laange Joren an der Diskussioun ass, net ubruecht wär.

De Statsrot hëlt, wéi et Traditioun ass, net zu der Opportunitéit vun der politescher Fro Stellung, mä e verweist op den Artikel 51 (1) vun eiser Verfassung, dee festleet, dass eist Land ënnert dem Regime vun enger parlamentarescher Demokratie steet an dass politesch Décisiounen also am Prinzip duerch d'Chamber geholl ginn, de Referendum also d'Ausnahm soll duerstellen.

De Statsrot hëlt dann och d'Formulatioun vun der Fro selwer kritesch ënnert d'Lupp a formuléiert eng Opposition formelle, well an där Proposition de loi en Délai fixéiert ginn ass, an deem de Referendum soll stattfannen. Or, et misst en Datum vun engem prezise Referendumsdag an deen Text erageschriwwe ginn.

Virun allem weist de Statsrot awer och op eng Rei vu juristesche Schwieregkeeten hin, wann esou e Referendum géif duerchgefouert ginn, wa schonn dat Gesetz a Kraaft ass, well jo dann ënnert deem neie Gesetz eng Rei vu Bestietnisser an eventuell och Adoptioune kënne stattfannen, an da géif da méi spéit e Gesetz kommen, wat eventuell déi dote Gesetzgebung erëm eng Kéier géif a Fro stellen.

Virun allem widderhëlt de Statsrot seng bekannten Thees och, dass e Referendum op der Base vum Artikel 51 (7) nëmmen e reng konsultative Charakter huet opgrond vun eiser aktueller Verfassung an dass also och, wa souguer e Referendum géif Neen zu esou enger Reform soen, domadder net automatesch d'Gesetz ofgeschaaft wär, dass een also erëm eng Kéier frësch misst doropshi légiféréieren, fir dass dat Gesetz géif ofgeschaaft ginn, wann dann d'Meenung wär, et misst een deem konsultative Referendum stattginn.

Den 18. Mäerz 2015 huet d'Institutiounskommissioun déi Proposition de loi diskutéiert. Se huet mech selwer als Rapporteur bestëmmt. An den 1. Juli ass de Rapport och eestëmmeg vun der zoustänneger Institutiounskommissioun ugeholl ginn. An där Kommissioun ware mer parteiiwwergräifend zur Konklusioun komm, dass dëse Gesetzesvirschlag ofzelehnen ass, an dat aus verschiddene Grënn.

Éischtens muss een hei soen, dass am Virfeld vun der Ofstëmmung iwwert d'Reform vum Bestietnis hei zu Lëtzebuerg eng breet öffentlech Debatt stattfonnt huet, eng öffentlech Debatt hei net nëmmen an dësem Parlament, mä och am Virfeld an der Lëtzebuerger Gesellschaft, wou all Kräften hir Positiounen duergeluecht hunn a wou de Pro a Kontra zu där Reform sech konnt ganz kloer ausdrécken.

Derbäi kënnt, dass dat hei, déi Reform, jo och net en Iwwerraschungsakt war vum Parlament oder vun der Politik, mä dass den Dépôt vum Projet de loi iwwert d'Reform vum Bestietnis op d'Joer 2010 zréckgeet, dass sech also d'Debatten iwwer véier Joer, souguer iwwer bal fënnef Joer higezunn hunn an dass während där doter Zäit also och jiddweree sech konnt eng Meenung maachen iwwert d'politesch Positioun vun deenen eenzelne Parteien an där doter Fro.

An och do ass kloer ze soen, dass d'Parlament hei mat 56 Jo- bei 4 Nee-Stëmme sech onmëssverständlech mat iwwer 90% fir déi Reform vun eisem Gesetz iwwert d'Bestietnis an d'Adoptioun staarkgemaach huet. D'Majoritéitsverhältnisser waren also ganz kloer an et kann een net vun engem gespléckte Parlament an där doter Fro schwätzen.

Den zweete Grond ass deen, dass all Parteie sech an hire Wahlprogrammer vun 2003 (veuillez lire: 2013) kloer an där doter Fro och festgeluecht hunn: CSV, LSAP, DP, déi gréng, déi Lénk hu ganz kloer Jo gesot zu deene Reformen, déi dunn ee Joer méi spéit gestëmmt si ginn. An d'ADR war déi eenzeg Partei, déi hei an der Chamber vertratt ass, déi kloer Neen zu där Reform do gesot huet.

D'Parteivertrieder hu sech an der Chamber an och an hirem Vote net anescht verhalen, wéi se dat gemaach haten am Virfeld an hire Wahlprogrammer. Si sinn also deem trei bliwwen, wat se virun de Wahen och par rapport zu de Wieler gesot hunn, wéi se also hiert politescht Mandat kritt hunn, dat se dann hei ausgefouert hunn. An et kann een also d'Meenung vertrieden, dass dee Referendum ëm déi dote Fro och eigentlech scho bei de Chamberwahle vum Oktober 2013 stattfonnt huet.

Dat drëtt Argument, wat ee kann ufëieren, ass dat, dass mer eis eigentlech och eens sinn - ech mengen, dat gëllt fir sämtlech Parteien, och wann déi eng méi retizent par rapport zum Referendum si wéi anerer -, dass mer hei net wëllen an e Schwäizer Modell erakommen. Mir hunn déi Schwäizer Kultur net, mir hunn och net dee politesche System, an deem eigentlech de Referendum e Bestanddeel vun engem ganze Fonctionnement vun engem Stat duerstellt.

Mir sinn also net der Meenung, dass ee soll all Joer zu enger, zwou, dräi Froen en nationale Referendum organiséieren, mä dass een dat soll maachen zu wichtege Punkten. An dës Koalitioun huet sech jo staark gemaach, fir e Referendum zu Verfassungsfroen duerchzezéien; eng éischte Kéier zu kontroverse Froen, an dann u sech awer och zu dem Text vun der globaler Verfassungsreform respektiv zu enger neier Verfassung, wéi mer den Text elo genannt hunn.

E véierte Punkt, deen ee vläicht kann an deem heite Fall erbäizéien - dat gëllt net esou fir déi Proposition de loi virdrun -, dass een hei kann en internationale Verglach maachen. Et sinn eng ganz Partie Länner, déi an Europa op de Wee gaange sinn, fir d'Bestietnis opzemaache fir gläichgeschlechtlech Koppelen, fir och eng Reform vum Adoptiounsrecht an deemselwechte Sënn virzegesinn. Mä déi wéinegst vun hinne sinn de Wee gaange vun engem Referendum.

Irland ass esou Fall, mä Irland huet dat misse maachen, well bei hinnen de Mariage eng Fro vun der Verfassung ass. Bei eis zu Lëtzebuerg ass d'Bestietnis keng Verfassungsmatière. Dat ass an Irland anescht an duerfir hu se missen iwwert de Wee vun enger Verfassungsänneru ng goen.

Mä all déi aner Länner, wann ech elo Frankräich kucken, wann ech elo d'Belsch kucken, Holland kucken, déi Länner, déi also viru Lëtzebuerg deen dote Schratt gemaach hunn an eiser direkter Noperschaft, esou war et esou, dass déi och ausschliisslech iwwert de parlamentaresche Wee gaange sinn an dat net iwwer e Referendum gemaach hunn. D'USA ass e lescht Beispill. Do sinn et eigentlech d'Verfassungsorganer: d'Verfassungsgeriicht, wat eigentlech deen dote Schratt virun e puer Wochen an engem bemierkenswäerten Uerteel geholl huet.

Eng lescht Bemierkung, déi ech wollt maachen - an deem heite Fall besonnesch, et gëllt manner fir déi Proposition de loi virdrun -, dat ass awer den Zäitpunkt, wou déi Proposition de loi hei gemaach ginn ass: wéi gesot, e Projet de loi iwwert d'Reform vum Bestietnis, dee véier Joer laang an der Diskussioun ass, an da kënnt d'Proposition de loi fir e Referendum ze organiséiere just den Dag ier déi ofschléissend Debatt an Ofstëmmung iwwert déi Reform vum Bestietnis hei am Parlament stattfënnt!

Dat ass eppes, wat dach ongewinnt ass, muss ech soen. Et kann ee liicht den Androck kréien, dass dat éischter da méi en taktescht Manöver war, fir e Punkt ze setzen. Mä u sech ass et, mengen ech, net gutt, an och vun den Délaien hier, déi mer hei zu Lëtzebuerg kennen, wat d'Ëmsetzung vun esou Initiativen ugeet, fir esou no bei enger Ofstëmmung esou eng Initiativ ze huelen.

Ech mengen, esou Initiativen hunn eigentlech nëmmen eng Chance, och wierklech akzeptéiert ze ginn a kënnen duerchgefouert ze ginn, wa se wäit am Virfeld vun der décisiver Ofstëmmung iwwert d'Gesetz stattfannen, well soss hu mer eng Ofstëmmung vun engem Gesetz, mir hunn eng Mise en vigueur vun engem Gesetz, an dann doropshi géif dann e Referendum stattfannen. Dat ass eigentlech kee glécklechen zäitlechen Oflaf, wéi een esou Reforme sollt ugoen.

Also do, vläicht och a mengem perséinlechen Numm, meng Recommandatioun, an Zukunft dat doten am A ze behalen, wann een et seriö mengt mat esou enger Initiativ, fir dat dann awer och an engem Moment ze maachen, wou et eigentlech nach Sënn mécht, esou e Referendum zu esou enger Fro duerchzezéien, wann dat d'Meenung ass, dass dat eng Fro wär, déi soll iwwert d'Wielerconsultatioun mat décidéiert ginn.

Ech mengen, wat mir och festgestallt hunn, dat ass, dass elo ee Joer, nodeem dat Gesetz gestëmmt ginn ass, dat Gesetz gutt en vigueur ass, dass et akzeptéiert ass, dass och dobaussen eng hefteg Diskussioun net gefouert gëtt zu där doter Fro, ganz einfach, well awer kee Konsens, mä awer eng breet Zoustëmmung zu där doter Iddi do ass. A mir sinn och net der Meenung, dass ee mat engem Referendum do eppes sollt opwulle goen, wou elo eng grouss Akzeptanz do ass.

Aus all deene Grënn do schloe mer als Kommissioun vir, fir déi Proposition de loi Kartheiser ofzelehnen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Auteur, den Här Fernand Kartheiser.

Présentation

M. Fernand Kartheiser *(ADR), auteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och ufänke mat engem Merci un den Här Bodry fir dee Rapport, deen en elo gemaach huet - ech wëll mech och do dem Här Reding uschléissen -, och wann ech mat dem Inhalt vun deem, wat den Här Bodry gesot huet, net kann d'accord sinn.

Et ass eng Diskussioun, mengen ech, déi sech ganz gutt fir e Referendum prêtéiert, well se, mengen ech, u Grondfeste vun eiser Gesellschaft erugeet: Wat ass e Bestietnis? Wéi gëtt d'Famill geschützt? A wat sinn d'Rechter an d'Wuel vum Kand an eiser Gesellschaft? An et ass zu engem groussen Deel eng Diskussioun ëm d'Wuel vum Kand.

Virun enger Woch oder zwou Wochen hu mer en Text ratifizéiert iwwer en Zousazprotokoll fir d'Kannerrechtskonventioun vun der UNO, fir ze soen, wéi Lëtzebuerg dach beméit ass, fir d'Kannerrechter ze schützen, an datt mer ëmmer wëllen un éischter Front sinn. An ech mengen awer, datt dat Gesetz iwwert d'Homosexuellebestietnis an d'Adoptiounsméiglechkeet fir d'homosexuell Koppelen a Kontradiktioun dozou steet.

Ech si mer och bewosst, wéi liicht et ass an der öffentlecher Debatt, a vu ville Säite wäert dat och esou duergestallt ginn, fir ze soen, datt déi Leit, déi géint d'Homosexuellebestietnis sinn oder d'Adoptiounsrecht net akzeptéieren, datt déi homophob wären oder intolerant. An ech mengen, et ass richteg, fir dat zréckzeweisen. Et muss een och d'Recht hunn an enger demokratescher Gesellschaft, op d'Problemer opmierksam ze maachen, ouni mat Pseudomoral a vu pseudomoralescher Natur kritiséiert ze ginn, mat deem But, fir dann net méi kënnen iwwert déi Sujeten ze schwätzen. Dat wär falsch.

Als ADR hu mer nämlech ganz sécher keng Attitüd gehat, zu kengem Zäitpunkt, déi sech géint homosexuell Mënschen adresséiert. Jiddweree fillt, wéi en dat wëllt. Jiddwereen huet déi sexuell Preferenzen, déi en eben huet. Et ass net un eis als politesch Partei, dozou Stellung ze huelen, mä et ass awer un eis, fir ze kucken, wa Rechter vun Drëtte beréiert sinn, an dat sinn nun eemol d'Rechter vun de Kanner, wat an deem Fall den etheschen Optrag vum Stat ass.

Mir hunn als ADR zum Beispill gesot, well mer jo och unerkennen, datt fir Leit, déi sech wierklech dauernd an enger Koppel wëlle bannen an d'Vertraue fireneen iwwerhuelen, datt mer sollten de Pacs reforméieren an engem Sënn, deen dat besser méiglech mécht. Mir hunn also do eng Ouvertür gemaach, ebe just am Interessi vun den homosexuelle Mënschen.

Mir wollten awer kee Bestietnis, well mam Bestietnis d'Familljerechter verbonne sinn, also d'Adoptiounsméiglechkeet mat alle Konsequenzen. An ech kommen op eng Rei vun deene Konsequenzen zréck. An et wor doméinst, datt mer eis géint e Bestietnis adresséiert hunn an alternativ Propositioune gemaach hunn.

D'ADR ass kohärent. Si ass eng Partei, déi dee méi schwéiere Wee geet, dee vun ethesche Wäertvirstellungen, déi se vertrëtt. Dat ass méi schwéier wéi politesche Lobbyen nozeginn oder deen einfache Wee vum politesche Mainstream anzeschloen. Mir trieden a fir Wäerter, an dat sinn dacks schwéier Debatten, Debatten, déi och net ëmmer direkt verstane ginn, mä déi eis awer um Häerz leien. A mir hu recht! Well wa mer d'Rechter vun de Kanner vertrieden, da wäert ech herno nach drop zréckkommen, wat am Ableck leeft bei der PMA, bei der GPA, bei anere Problemer, wou d'Kannerrechter a Matleedenschaft gezu ginn.

De Prinzip vum Referendum. Ech wëll hei soen, datt och d'Regierung d'Homosexuellebestietnis wollt dem Referendum ënnerwerfen, an zwar iwwert de Wee vun der Verfassungsreform.

(Interruption)

An déi aktuell Verfassung, Här Bodry, si seet zwar net den „mariage", mä den Artikel 11 vun der aktueller Verfassung - entschëllegt, Här President, dat ass fir déi ganz Chamber, net nëmme fir den Här Bodry -, mä dee seet jo: «L'Etat garantit les droits naturels de la personne humaine et de la famille.» Dat ass déi aktuell Verfassung.

Déi nei Verfassung, déi d'Regierung eis wollt virbereeden, déi féiert eppes an, wat et och net...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- D'Parlament.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), auteur.*- D'Parlament. Merci! D'Parlament, pardon.